Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

# Eng Versammlung zum B.P. um Thinking Day

**Kontext :** Den 22. Februar ass de „World Thinking Day”, de gemeinsame Gebuertsdag vum Grënner vun de Scouten, dem Sir Robert Baden-Powell (B.P.) a senger Frau, d’Lady Olave Baden-Powell. Dësen Dag gëtt all Joër vun alle Guiden a Scoute gefeiert. Dat sinn iwwer 54 Milliounen Guiden a Scouten!

Fir dësen Dag an d’Liewen vum B.P. de Wëllefcher méi no ze bréngen hu mir verschidde Liewensabschnitter vum B.P. gesicht a proposéiere verschidde Spiller fir de Lien zu dësem Kader ze maachen.

Flott ass ët, wann een sech heirunn inspiréiert an dëst de Kanner op eng flott Aart a Weis méi no bréngt (zum Beispill duerch eng Reess mat enger Zäitmaschinn an engem festlesche Kader mat Kamellen, Kuch oder enger gemeinsamer Gruppefoto mam héige Besuch vum B.P./ der Lady Olave).

Hei sinn méiglech Ideen, wou dir ierch drun inspiréieren an ierch verschidden Aktivitéiten erauswiele kënnt. Stellt Är Versammlung esou zesummen, wéi et fir iech an äre Ruddel passt.

Eng méi präzis Biographie zum B.P. fënds du zum Beispill hei.

Op Youtube sinn och eng ganz Rei laang a kuerz Versiounen vum B.P. senger Biographie ze fannen.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren

De Kierper

*Mat 13 Joër ass de B.P. an d'Charterhouse School gang, déi och vun eiser Famille Grand-Ducale besicht ginn ass. Hie wor een immens gudde Goalkeep.*

**Dännefussball:** Jiddereen sicht sech Dännenzapfen oder soss Material wat een am Bësch fënnt a mat deem ee gudd schéisse kann ouni sech wéi ze doën. Elo siche mir eis eng Zilscheiw (ee Bam, een Areal wat mat Seeler ënnerschiddlech ofgegrenzt gëtt oder ähnleches). Mir übe fir d'éischt eist Können a maachen duerno en Tournéier (an der Staffel, als Ekipp oder och eenzel).

**Béchsefussball:** Béchsen ginn openee gestallt. Wie packt et an der Ekipp oder eenzel sou vill wéi méiglech Becksen ze treffen ?

Variant: Wann een eng bëstëmmten Zuel u Bécksen tréfft soll een e Schratt nohannemaachen. Wien ass no X Versich am wäitsten ewech ?

*No der Schoul ass de B.P. an d'Militärakademie gaang. No senger Ausbildung zum Leutnant ass hien mat der Kavallerie 1876 an Indien versaat ginn, wou hien a sénger Fräizäit vill wëll Déiren am Dschungel observéiert huet.*

**De B.P. geet op d'Reess a péckt säi Rucksaak:** An enger Staffel geet et drëm e Rucksack ze paacken fir op de Camp. All Sizaine kritt an enger Tuut verschidden Saachen, déi een um Camp brauch (Uniform, Gamelle,Bidon, Isomatt, Schlofsaak, Kleedungssteck, Täschemesser, Holz fir Feier ze maachen). An der Tuut ass och en Ziedel wou drop steht op wéi en Art a Weis déi Saachen mussen transportéiert ginn (an der Hand, mat den Zänn, ennert dem Arm, um Kapp, um Reck, zweschend de Knéien, um Fouss, ennert de Kenn geklemmt). All Saach gett nemmen eng Kéier transportéiert an och all Art a Weis dierf nemmen eng Kéier benotzt gin. D'Kanner mussen natierlech selwer entscheeden wéi eng Saach sie wéi transportéieren. Soubaal d'Kandidaten hier Tuut kritt hun, ass d'Spill un. D'Zäit déi d'Kandidaten brauchen fir ze décidéieren ween waat wéi transportéiert, gehéiert zu der Spillzäit. Um Schluss vun den Lafstrecken läit jeweils een Rucksack wou d`Saachen mussen dran gepaakt gin.

***Dänz aus dem Dschungel** :* Um Site vun de belsche Scouten www.lesscouts.be fënnt een ganz Rei „Danses de jungle“ mat Erklärungen dozou. Wéi dat an der Praxis ausgesäit kann een sech och einfach ukucken

*Am Militärdéngscht ass de B.P. och an Afrika agesaat ginn, wou hien am Bourekrich gekämpft huet.*

**Ballon-Nuddel-Kampf-Spill:** Fir all Kand gëtt e Loftballon opgeblosen an un e Stéck Ficelle gestréckt (+/- 50cm). All Kand kritt elo esou e Ballon mat Seel a mëscht en ouni Knuet um Hënner/ an der Boxentäsch fest. Mat enger Zeitung oder enger Schwammnuddel geet et elo drëm souvill wéi méiglech Ballonen deenen anere Kanner erof ze klappen, ouni selwer säi Ballon ze verléieren. Wien bleift als leschten mat sengem Ballon um Liewen ?

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

| De Geescht | |
|---|---|
| | *De B.P. wor ganz gutt am Spuereliesen. Schonn als klenge Jong wor hie gäer am Bësch an ass de Spueren vun den Déiren nogaang. Och a sénger Zäit am Militär an Indien huet hien dës Fähegkeeten konnte notzen. Hien ass beobtraacht ginn, Spuerelieser (Scouts) aus ze bilden. De B.P. wor och e Spioun an huet eng Rei Informatiounen un di britsch Arméi viruginn.*<br><br>**Enger Piste nogoën:** Verschidde Wëllef oder Chefs leeën eng Piste mat Wollfiedem, déi aner ginn der Piste no a fannen um Enn vum Wee ee Message oder eng kleng Schneek.<br><br>Variant: op engem A5 Blaat zeechnen d'Kanner e Parcours op, deen déi aner Wëllef sollen nogoën. Hei soll drop opgepasst ginn wat rondrëm een ass, dëst gëtt op d'Kaart gemoolt (Baam, Chalet, Stéck Wee, …). Duerno gëtt gekuckt wat einfach a wat manner kloer wor.<br><br>Geheimschrëften: Um Site www.les-scouts.com/codage/ (les-scouts.com) fënds du fläicht eng Rei Geheimschrëften, déisdu nach net kenns an du kanns dës séier a gutt fir däi Ruddel préparéieren.<br><br><br>Wou wor de B.P. iwwerall? : Op spilleresch Aart a Weis kann een de Kanner op enger Kaart weisen wou de B.P. iwwerall wor. *Hien ass an England gebuer an opgewuess, ass fir d'Militär an Indien gezunn, mee e wor och am Zimbabwe, zu Malta, an a Südafrika. No der Grënnung vun de Scouten ass de B.P. vill Scoute besiche gaang a wor op villen World Jamborees derbäi. Dem B.P. säi Graf läit a Kenya. Haut ginn et Scouten an 216 Länner.*<br><br>D'Plazen op der Welt kënne mat engem Seel op engem Terrain définéiert ginn. Elo erzielt ee Chef d'Geschicht vum B.P. a wou hien iwwerall hireesst. D'Kanner lauschtere no a laafe bei deem entspriechende Land op déi richteg Plaaz. Wie falsch leeft ass raus. |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

| | |
|---|---|
| Dat Soziaalt | *A senger Zäit op der Charterhouse School huet de B.P. vill Theater gespillt. Hie war och ganz gutt dran, seng Proffen nozemaachen.*<br>**Theater:** D'Kanner kënne verschidden Szeenen aus dem B.P. sengem Liewen anüben a nospillen<br>Variant: D'Kanner zéien sech a klenge Gruppen verschidde Chefs aus de Wëllef raus a sollen dës op eng flott Aart a Weis nospillen. Déi aner Wëllef roden, wie gemengt ass.<br><br>*De B.P. an d'Lady Olaf hunn dee selweschten Daag Gebuertsdag.*<br>**Zortéierspill:** D'Kanner probéiren sech ouni ze schwetzen an eng Rei ze stellen: zum Beispill vum eelsten op de jéngsten, der Schunggréisst no… Et kann och probéiert ginn sech beieneen ze stellen wann een dat selwescht Hausdéier huet, wann een dee selweschte Mount Gebuertsdag huet, wann een déi selweschte Hobbyen huet a.s.w. |
| D' Gefiller | *Duerch di erfollegreich iwwerstaanen Belagerung vun Mafeking an Afrika gett de B.P. zum Nationalheld.*<br>**Eng „Medaille" iwwerreeschen:** D'Wëllefcher an /oder d'Chefs iwwerreeschen engem anere Kand eng „Medaille". Sie iwwerleeë kuerz wat hinnen un deem anere gefällt, firwat deejéinege sech d'Medaille verdéngt huet…<br><br>**De „Nationalheld" nomaachen:** Mir stin alleguer am Krees. Ee Kand gett eraus geschéckt. En aneren get zum Nationalheld ernannt. Hien muss eng Mimik/ e Gefill virmaachen, déi all di aner solle nomaachen. Dobei kann hien d'Mimik esou oft wiesselen, wéi hien wëllt. De Kandidat, deen erausgescheckt gouf, kënnt erem eran a muss erausfannen, wou d'Mimik hierkennt, d.h. wien de Nationalheld ass.<br><br>Variant: De Nationalheld kann eng Beweegung maachen. |
| Dat Spirituellt | *Kuerz viru séngem Doud huet den B.P. en Bréif un all d'Scouten geschriwwen, an deem hien dran schreiwt, wat am Scoutissem fir hien ganz wichteg ass: „Versucht, die Welt ein bisschen besser zurückzulassen, als ihr sie vorgefunden habt." „Der wahre Weg, um Glücklichkeit zu erlangen, besteht darin, andere Menschen glücklich zu machen."*<br><br>**Wat ass schéi bei de Scouten?** Jiddereen schreift op wat e frou mëscht an de Scouten a schreift dëst op ee schmuelt Stéck Pabeier. Dëst kann als Rank getackert ginn an als Erënnerung rondrëm e Foulard gehaange ginn… |

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG